



pénitentiaire, dass mer nach an dëser Sessioun en Débat d'orientation hätten. Well do ass ganz viles, wat mer mussen a wëllen änneren, a wou ech da frou wär, wann esou een Débat d'orientation géif zum Beispill dat erëmginn, wat mer de Moien an der Commission juridique haten, nämlech prinzipiell eng grouss Zoustëmmung.

(Interruption)

Et mécht et méi einfach fir e Minister, dat unzefänken, well et ass net an dëser Legislaturperiod, wou dat dote kann definitiv a Kraaft treden. Dofir wär et wichteg, dass mer hei eng large Majoritéit hätten.

Zu där Fro vun de Moyenë vum Médiateur: Ech weess net, u wien déi eenzel Orateurë sech adresséiert hunn, mä si kënnen sech op alle Fall net un d'Regierung adresséiert hunn. Si kënnen et nëmmen un d'Chamber adresséieren, well de Médiateur an all seng Moyenë gi vun der Chamber décidéiert.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Justizminister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen zum Ofstëmmen iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5849 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher (par M. Lucien Clement), Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Fernand Boden), Norbert Hauptert (par M. Raymond Weydert), Ali Kaes (par Mme Christine Doerner), Marc Lies (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Michel Wolter), Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Marc Spautz), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. André Bauler), Claude Meisch (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer (par M. Xavier Bettel) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dat ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zum Projet de loi 6001, e Protokoll iwwert d'Cour de Justice Benelux. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech bis elo just ageschriwwen: den Här Bettel. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, Dir kënnt mech vun der Riednerlëscht sträichen. Ech hoffen, dass de Rapporteur esou komplett a kuerz ass, dass ech net méi muss agräifen.

► **Une voix.**- Dat ass deen doudsécher, Här Bettel.

► **Une autre voix.**- Et wär awer vläicht ganz interessant gewiescht.

10. 6001 - Projet de loi portant approbation du Protocole additionnel au Traité relatif à l'institution et au statut d'une Cour de Justice Benelux concernant la protection juridictionnelle des personnes au service de l'Organisation Benelux de la Propriété intellectuelle (marques et dessins ou modèles), signé à Bruxelles, le 24 octobre 2008

Rapport de la Commission juridique

► **M. Gilles Roth (CSV), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mat dem Gesetzesprojet 6001 ratifizéiere mir een Zousazprotokoll zum Traité, deen 1965 d'Cour de Justice Benelux geschafen huet. Dësen Zousazprotokoll staamt aus dem Joer 2008.

En huet zum Zweck, de Leit, déi beim Benelux-Markenamt schaffen, méi genee bei der Organisation Benelux de la Propriété intellectuelle, méi en ëmfaassende rechtliche Schutz ze ginn, wat hir Aarbechtssituatioun ubelaangt. Bis elo war de Regime vun de Mataarbechter vun dem Benelux-Markenamt iwwer e Protokoll aus dem Joer 1974 geregelt. Et huet sech awer herausgestallt, dass de Regime net méi der Evolutioun vun dem Aarbechtsrecht an der Rechtsspriechung am Beräich vun de Mënscherechter ugemoooss war. Dat gëtt elo geännert, andeems den aarbechtsrechtliche Schutz de moderne Standards ugepasst gëtt.

Konkret geet et hei ëm Folgendes:

Éischstens, d'Benelux-Gericht kritt eng generell Kompetenz fir all Sträitfall tëschent dem Personal an dem Benelux-Markenamt. Jiddwer Mataarbechter - deemno och d'Direkteren; dat war bis elo net de Fall - kënnen e Recours bei der Cour Benelux maachen. Souwuel d'Form vun dem Recours wéi och den Inhalt, dat heescht d'Rekursméiglechkeeten, sinn an Zukunft fir jiddwer Mataarbechter déiselwecht.

Zweetens, all Décisioun vun dem Markenamt, déi d'Aarbechtsrelatioun vun engem Mataarbechter betrëfft, ka virun dem Benelux-Gericht attackéiert ginn.

Drëttens, de Protokoll limitéiert net, wéi bis elo, déi juristesche Mëttelen, also d'Natur vun den Argumenter, déi kënnen ugefouert ginn, fir e Recours ze maachen.

Véiertens, ier ee formelle Recours bei dem Benelux-Gericht kann agreeecht ginn, muss fir d'éischt en internen administrative Recours gemaach ginn, dee vun enger Commission consultative aviséiert gëtt. Dës Kommissioun ass elo esou opgestallt, dass aus jiddwer Memberstat vun der Benelux Beamten dra vertruete sinn. Dës Kommissioun gëtt och vun engem Richter aus engem Benelux-Stat presidéiert.

D'Personaldelegatioun vun dem Markenamt ka bei der Besetzung vun dëser Commission consultative e Wuert matschwätzen. Esou ass och hiren Afloss op dem Niveau vun dësem administrativem Recours geséichert.

All Décisioun vun der Commission consultative, wat also eng Aart Décision interne préalable ass, kann da virun dem Benelux-Gericht attackéiert ginn. D'Gericht huet d'Méiglechkeet, fir d'Décisioun einfach ze annulléieren oder komplett ze reforméieren. Et ass also e Recours de pleine juridiction.

Hei spillt ganz kloer den Afloss vun der europäescher Mënscherechtsjurisprudenz, déi jo alt gelegentlech och vum Statsrot ugefëiert gëtt, fir an esou Matière méi oft e Recours de pleine juridiction virzegesinn.

Fënneftens a leschtens, d'Prozedur virun der Cour de justice Benelux wäert an Zukunft prinzipiell schrëftlech sinn, mat engem Austausch vu schrëftleche Mémoires, also de Stellungnahme vun den eenzelne Parteien. D'Parteie kënnen awer och mëndlech hir Positioun verrieden. D'Gericht kann dat vu vireran och unuerdnen.

Här President, de Statsrot huet dëse Gesetzesprojet den 21. Abrëll 2009 schonns aviséiert gehat. Hien hat keng Objektioun derzou. De Statsrot huet awer bemierkt, dass an deemselwechte Sënn och misst de

Protokoll vun 1969 iwwert d'Protection juridictionnelle vun dem Personal vun der Benelux-Unioun iwwerschafft ginn. Et dierft also net ausgeschloss sinn, dass mir an absehbarer Zäit erëm iwwer en ähnlechen Dossier an dësem héijen Haus wäerten ofstëmmen. Deemno, Affaire à suivre.

D'Commission juridique recommandéiert an hirem schrëftleche Bericht vum 3. Mäerz dëst Joer eestëmmeg, dëse Gesetzesprojet ze stëmmen. Ech gi fir mäin Deel d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauscheren.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gilles Roth fir säi komplette Rapport. Dee war esou komplett, datt, mengen ech, näischt méi weider doriwwer ze soen ass. Duerfir komme mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6001 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Raymond Weydert), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher (par M. Fernand Boden), Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Lucien Clement), Norbert Hauptert (par M. Marcel Oberweis), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Michel Wolter), Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer (par M. Xavier Bettel) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zum Projet de loi 6074, eng Ofännerung vum Code d'instruction criminelle. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech schonns ageschriwwen: den Här Bettel. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Christine Doerner.

11. 6074 - Projet de loi portant modification de l'article 127 du Code d'instruction criminelle

Rapport de la Commission juridique

► **Mme Christine Doerner (CSV), rapportrice.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an dësem Projet geet et ëm d'materiell Richtegstellung vun engem eenzelnen awer och eenzegen Artikel aus eisem Code d'instruction criminelle. D'Erklärung vun deem geet zrëck op e Gesetz vum Juli 2008, wou d'Bestëmmunge vum schrëftlechen a motivéierte Rapport vum Untersuchungsrichter nei geregelt gi sinn. D'Verfaassung vun esou engem Bericht muss net méi an alle Fäll obligatoresch schrëftlech motivéiert oder eragi ginn.

Doropshi sinn d'Alineaen 2 an 3 vum Paragraph 6 vun dësem Artikel ersatzlos gestrach ginn. An dat ass eigentlech de Punkt. Dat war verkéiert, well domadder si wichteg prozessual Garantie verluer gaangen, wéi dat aus der Argumentatioun vun engem Arrêt vun der Chambre du Conseil ervirgeet.

Well et awer net am Sënn war vum Législateur, op esou Rechter ze verzichten, wëlle mir mat dësem Projet elo dës Alineaen 2 an 3 vum Paragraph 6 erëm nei an eise Code ophuelen - dat wëllt soen, reintegréieren -, mä do derbäi a souguer och nach de Prezisioune vum Statsrot Rechnung droen, andeems mer den éischten Alinea vum Paragraph 6 - dat wëllt soen, der Eventualitéit vun engem Rapport vum Juge d'instruction - och nach zousätzlech abauen.

Esou gëtt dësen Artikel 127 an all senge Punkten erëm ganz prezis a ganz kloer. An ech mengen, mir kéinten dee Projet esou unhuelen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och der Madame Doerner, déi och, wéi mer et vun hir gewinnt sinn, erëm ganz komplett war, esou dat weder den Här Bettel nach en aneren... Den Här Bettel misst awer nach eng Kéier intervenéieren.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, sorry, wann ech d'Wuert froen, mä ech wollt der Madame Doerner am Numm vun all den anere Fraktiounen Merci soe fir hire Rapport.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Bettel. Domadder kéime mer dann direkt zum Ofstëmmen iwwert de Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6074 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher (par M. Marcel Oberweis), Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Raymond Weydert), Norbert Hauptert (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Michel Wolter), Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer (par M. Xavier Bettel) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss (par M. Claude Adam), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Elo komme mer zum leschte Projet de loi fir haut, den 6106, eng Konventioun mat Indien iwwert d'Sécurité sociale. D'Riedezäit ass och hei nom Basismodell fest-



geluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Spautz a Wagner. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

12. 6106 - Projet de loi portant approbation de la Convention de sécurité sociale entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de l'Inde, signée à Luxembourg, le 30 septembre 2009

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'immigration

► **M. Marc Angel** (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir hutt jo gesot, ëm wat et geet.

(Hilarité)

Dës Konventioun gouf no enger eenzeger Verhandlungsrönn de 5. November zu New Delhi paraphéiert. Si gouf den 30. September 2009 hei zu Lëtzebuerg ënnerzeechent. Ze notéieren ass, dass den offiziellen Text vun der Konventioun op Englisch ass. Mä fir d'Aufgab vun deenen, déi mat där Konventioun schaffen mussen, gëtt et eng offiziös franséisch Iwwersetzung.

Den Haaptobjektiv vun dëser Konventioun zwëschen Indien a Lëtzebuerg ass et, fir d'Rechter an d'Flichten an der Matière vun der Sécurité sociale ofzesécheren. Et kann ee soen, dass am grouse Ganzen dës Konventioun deeslewechten Opbau huet, wéi aner bilateral Konventiounen an där Matière, wéi mer se schonn oft hei am Haus gesinn hunn.

Ze preziséieren ass awer, dass dat materiellt Uwendungsfeld net esou wäit geet, wéi bei deenen aneren ähnleche Konventiounen, déi ech elo grad ugeschwat hunn. Dës Konventioun applizéiert sech exklusiv op d'Législatioun vun deenen zwee Länner an der Matière vun der Assurance pension en cas de vieillesse an Assurance d'invalidité et de survie. All déi aner sozial Mesurë sinn do net dran.

D'Konventioun preziséiert awer am Artikel 2, dass et awer méiglech ass fir d'Travailleur détachés a fir d'Membere vun diplomatesche Missiounen, gewëssen aner Rechter ze kréien.

De Statsrot huet dës Projet a sengem Avis vum 23. Februar 2010 guttgeheescht. En huet a sengem Avis op en Iwwersetzungsfeeler beim Artikel 8, c an der offizieller Iwwersetzung higewisen. Ech hunn du mat mengem Aarbechter, mat där zoustänneger Damm, Kontakt geholl, a bei der Sécurité sociale an der offiziöser Versioun ass deen Iwwersetzungsfeeler verbessert.

Dofir géif ech lech Merci soe fir d'Nolauschteren an ech géif lech bieden, dës Konventioun ze stëmmen.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Angel. Wéi mer dat vun him gewinnt sinn, war hien erëm extrem kloer a genau, esou datt kee méi d'Wuert ze ergräife brauch. Och net méi déi Häre Spautz a Wagner.

Mir kéimen direkt zum Ofstëmmen iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 6106 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher (par Mme Christine Doerner), Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Lucien Clement), Norbert Hauptert (par M. Raymond Weydert), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Sylvie Andrich-

Duval), Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Marc Spautz), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Lucien Lux, Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer (par M. Xavier Bettel) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Den Här Schiltz freet d'Wuert.

13. Motion de M. Jean Colombero relative aux travaux à effectuer sur la RN7

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Här President, wat déi Motioun vum Här Colombero ubelaangt, géif ech vorschloen, déi an d'Kommissioun ze renvoyéieren. Well wa mer se haut stëmmen, da mécht den Här Kaes eis vu Freed en Häerzinfarkt, a wa mer se oflehnen, da mécht en eis vun Trauer an Dépit en Häerzinfarkt. Duerfir kommt, mir maachen dat an der Kommissioun gemittlech.

(Interruption et hilarité)

► **M. le Président.**- Also, ech ginn dovun aus, datt den Här Colombero net de Risque vun engem Häerzinfarkt vum Här Kaes wëllt a Kaf huelen an domadder d'accord ass, datt déi Motioun an d'Kommissioun renvoyéiert gëtt.

(Brouhaha général)

Den Här Colombero ass domadder d'accord, da gëtt also déi Motioun an d'Kommissioun...

► **M. Jean Colombero** (ADR).- Mä net op onbestëmmten Zäit!

(Brouhaha général)

Et ass awer ze wichteg.

► **M. le Président.**- Déi Motioun geet an déi dofir zoustänneg Kommissioun.

Mir kommen elo zum leschte Punkt vun eiselem Ordre du jour, dat ass d'Question avec débat N°6 vum Här Fernand Kartheiser iwwert d'Ambassaden, déi hei zu Lëtzebuerg zougemaach ginn. Den Auteur vun der Fro huet fënnf Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister seng Zousazfro virzedroen, der Regierung stinn zéng Minutten zou.

Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

14. Question avec débat N°6 de M. Fernand Kartheiser au sujet de la fermeture d'ambassades au Luxembourg

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, nodeems déi ungaresch Ambassade zu Lëtzebuerg schonn z'joert zougemaach gouf, huet viru kuerzem och déi schwedesch Ambassade annoncéiert, datt si hir Büroen zu Lëtzebuerg wäert zoumaachen. De Rumeuren no - an et wär interessant, vum Här Minister ze héieren, ob hien dat ka confirméieren - sollen och nach weider Ambassaden zu Lëtzebuerg zougemaach ginn.

Konsequenze vun där Entwécklung gëtt et der vill. Fir Lëtzebuerg bedeit dat un éischter Plaz e Prestigeverloscht als international Hauptstadt. Eng Stad, déi net vill Ambassaden huet, gëtt um internationale Plang als éischter manner wichteg considéréiert. Et bedeit och eng Entrave fir

d'Promotioun vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg a sécher och e manner groussen Ureiz fir auslännesch Firmen, fir sech bei eis am Land niddereeloossen.

D'Ambassadë leeschten e wichtige Bäitrag zum sozialen a kulturelle Liewen am Land. Manner Ambassaden heescht och manner kulturell Impulser.

Wann auslännesch Ambassadë feelen, da gëtt et fir eis Regierung vill méi schwéier, Lëtzebuergesch Positiounen am Ausland bekannt ze maachen a fir eis Interesse Reklamm ze maachen. Zumools dann, wann an deene betreffende Länner keng resident Lëtzebuergesch Ambassade existéiert, esou wéi dat zu Stockholm oder och zu Budapest de Fall ass.

Déi Ambassaden, déi vu Bréissel aus eist Land ofdecken, kënnen dee Rôle net spillen. Vill vun hinne komme just eemol am Joer op Lëtzebuerg, an zwar fir den Nationalfeierdag. Och en Honorarkonsulat huet nëmme ganz ageschränkt Méiglechkeeten a kann eng Ambassade op kee Fall remplacéieren.

Fir déi jeeweileg national Communautéiten hei am Land gëtt d'Liewen och méi schwéier, well vill vun hiren Démarchen an Zukunft iwwer Bréissel gemaach gi mussen, amplaz hei direkt op der Plaz. Dat schwächt selbstverständlech och d'Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg. Och gëtt et désagréabel Konsequenzen, dacks Entloossunge fir dat lokaalt Personal vun den Ambassaden.

D'Regierung, Här President, kann net soen, datt dat alles net schlëmm wär. Selbstverständlech ass et schlëmm, well mir déi auslännesch Ambassaden hei batter néideg brauchen!

Virun allem soll d'Regierung net probéieren ze erzielen, et wär net hir Matschold oder hir Matverantwortung, datt auslännesch Ambassaden hei zoumaachen. Sécher, vill auslännesch Staten hunn, wéi eis Regierung och, finanziell Problemer. Mä wann am Ausland eist Land nach géif aussepolitisch eescht geholl ginn, da géifen d'Ambassaden op anere Plazen zougemaach ginn an net hei zu Lëtzebuerg.

Mir hunn eng Regierung, déi d'Interesse vun eiselem Land net nëmmen net verdeelegt, mä déi eist Land och nach finanziell geschwächt huet duerch eng falsch Décisioun no där anerer: am Dossier Bankgeheimnis, an der Zënsbesteuerung, am Dossier TVA, am Dossier Tanktourismus, duerch eng Kapitulation no där anerer virun Europa.

Datt d'Ambassaden zoumaachen, huet awer och domat ze dinne, datt d'Lëtzebuerg Regierung schonn e puermol de Schweden an den Ungarn versprach hat, d'Réciprocitéit spillen ze loossen an eng Lëtzebuergesch Ambassade zu Stockholm an zu Budapest opzemaachen. A fréiere Joren huet de Lëtzebuerg Ausseminister, Virgänger vum Här Minister Asselborn, a senger Erklärung zur Aussepolitik souguer dacks gesot, datt mir an all EU-Memberstat missten eng Ambassade hunn. Mä dat Versprieche gouf ëmmer nees gebrach. Stockholm als informell skandinavesch Hauptstadt wollt och ni vun eiselem Ambassadeur zu Kopenhagen mat ofgedeckt ginn. D'Rechnung krute mir elo presentéiert.

Mir sollten eis och froen, ob mir als Land deenen auslänneschen Ambassaden ëmmer optimal Liewens- an Aarbechtsbedéngungen offréieren. Eis fällt jiddefalls op, datt mir virun allem och um protokolaresche Plang heiansdo kéinte méi Héiflechkeet an Entgéintkommes géigeniwwer eisen auslännesche Gäscht weisen.

D'Regierung Juncker/Asselborn verseet komplett, wann et drëms geet, nei international oder europäesch Institutionen op Lëtzebuerg ze kréien. Mir kënnen eis jiddefalls net erënneren, datt zënter 2004 och nëmmen eng nei Institution op Lëtzebuerg komm wär. Keng eng! An engem Dossier, wou all Land säin Allerméiglechst mécht, fir nei Institutionen ze kréien, ass bei eis just Passivitéit feststellen.

Ëmmer nees musse mir feststellen, et gëtt keng Lëtzebuerg Aussepolitik ënnert dëser Regierung, ausser natierlech enger vehement antiisraelescher Linn vum Här Minister Asselborn. An och dowéinst maa-

chen d'Ambassaden zou. Do, wou keng Aussepolitik ass, ass och keng Ambassade.

Déi Entwécklung riskéiert nach virunzegoen, wann allerspéitstens 2014 en europäeschen diplomateschen Déngscht an d'Existenz kënnt. Mir brauchen deen Déngscht zwar net, mä d'Regierung wollt e jo hunn. E gëtt dann och ville Länner nei Argumenter, fir keng resident Verriedung méi zu Lëtzebuerg ze ënnerhalen.

Här President, déi schwaarz-rout Regierung ass matverantwortlech fir d'Fermeture vun deenen auslänneschen Ambassaden zu Lëtzebuerg. A mir si gespaant drop, wéi den Här Minister Asselborn op dee Virwurf reagéiert.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kartheiser. An elo huet d'Wuert den Här Ausseminister Jean Asselborn.

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.*- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, also ech mengen, et ass fir jiddwereen heibanne gewosst, dass Ambassaden opmaachen an zoumaachen eng ural Saach vun deene jeeweilege Länner ass. Ech wëll lech nëmme just drun erënneren, dass Lëtzebuerg virun zwee, dräi Joer eng Ambassade a Malaysien zougemaach huet, fir eng an Thailand opzemaachen.

Et stëmmt, dass zwou Ambassaden hei zougemaach hunn. Allerdéngs muss een do och wëssen, wéi de schwedeschen Ausseminister mech informéiert huet, huet en och gesot, dass dat jo och misst goen, dass ee kéint mat Nonrésidenten déi Aufgaben iwwerhuelen.

168 Länner sinn hei zu Lëtzebuerg akkreditéiert, 168! Dovunner sinn der 144 am Land. Et sinn also 24 Länner hei am Land vertrueden. 139 vun deenen 144 sinn zu Bréissel an et sinn der nach eng oder zwou zu London an zu Paräis. Dat heescht, dat fonctionnéiert. A wann een elo kuckt, wéi eisen Déngscht opgebaut ass no baussen: Mir si physisch präsent an ongeféier 30 Länner op der Welt. Mir sinn och physisch präsent an 20 internationalen Organisationen. An do dernieft si mer nach a 40 anere Länner! Dat heescht, mir hu praktesch dräi Länner ofzedeeckt pro Ambassade.

An ech mengen, wat d'Land interesséiert a wat lech vläicht och hei interesséiert, dat ass, dass mer no där Conférence diplomatique, déi mer elo haten, probéieren nach méi Effikassitéit do kënnen opzebauen. Ech hu gesot, mir maache keng Ambassaden zou, mir maache keng Ambassaden op, mä mir kucken, fir méi effikass an Europa selwer, um Territoire vun Europa, net vun der Europäescher Unioun, mä an Europa selwer an och op der Welt, op deene Plazen, wou mer wierklech grouss Intérêten hunn, fir déi kënne besser ofdecken.

Mir maachen dat mat ongeféier 100 Diplomaten. Dat sinn immens gutt ausgebildete Leit, déi och vill gudden Willen hunn an déi dacks véier, fënnf Länner ze zerwéieren hunn an dat och mat ganz vill Energie fäerdeg bréngen.

D'Lëtzebuerg Diplomat, Här President - vläicht sidd Der mat mir d'accord, an och déi Leit, déi hei nolauschteren, an och d'Leit dobaussen -, huet eefel Présidence gemeeschtert, a mir ginn iwwerall als ee Land considéréiert, wat wierklech viles mat senger Diplomatie fäerdeg bruecht huet. Mir wäerten dat och an Zukunft maachen.

Mä ech - an ech mengen, keen aus der Regierung, och net de Grand-Duc an och net de Premierminister - hu keng Influenz op aner Länner, wat déi mat hiren Ambassade maachen. Ech wëll lech just soen, dass d'Schweden a fënnf Länner vun der Europäescher Unioun Ambassaden zougemaach hunn. A fënnf! A si sinn op Plaze gaangen, wou se nach vläicht virun zéng Joer ni dru geduecht haten dohinner ze goen, wéi op Kabul oder wéi an Transnistrien oder op aner Plazen. Mä dat ass de Choix vun hirer Regierung, fir dat alles ze maachen.

Ech géif och mengen, Här President, léif Kolleegen, dass een net soll mengen, dass een haut - och virun allem mat Lissabon - misst an all europäeschem Land präsent sinn. Mir sinn haut e weéne an engem